

läit, wat meeschtens mat sech zitt, datt herno de Risiko besteet, wa verschidden nei Konditiounen an där Autorisatioun leien, datt dann den Devis an d'Luucht geet a mer deen Ablack nees eng méi héich Dépense virleien hunn. Et wier besser, wann an der Zukunft ëmmer vun der Regierung dofir géing gesuergt ginn, datt all d'Autorisatiounen virleie géingen, ier datt d'Projeten an d'Chamber kommen.

Den zweete Punkt, deen ech d'Madame Ministerin froe wollt, dat ass, étant donné datt hei ronn 80% vun den Dépensen duerch e Subsid finanzéiert ginn, ob do virgesinn ass, esou wéi et misst sinn, datt och déi Aarbechten öffentlech ausgeschriwwen ginn, well sech de Stat jo méi wéi 50% un den Dépense bäi deem Bau hei bedeelegt.

Dat gesot, mengen ech, ass et wichteg, datt mer ëmmer weider Better an esou Infrastrukture schaffen, an duerfir bréngen ech och den Accord vun der ADR-Fraktioun zum Projet.

M. le Président. - Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Merci, Här President. Ech wäert net weider spezifesch op dese Projet agoen, dee mir als grénge Grupp natierlech kënne mat ënnerstëtzen.

Ech wollt just e puer allgemeng Wieder soen zur Thematik vun de Konventiounen, ech hat dat och d'lescht Kéier scho kuerz ugeschnidden, dass déi an deenen allermeeschste Fäll eigentlech deene Projets de loi, déi mir virgeluecht kréien, net bäileien. Dobäi wär et awer menger Meenung no ganz interessant emol méi genau ze wëssen, wat dann an deene Konventionstexter steet, a vläicht och schonn op engem Niveau kënne mat ze diskutéieren oder zumindest kënne eranzekucken, wa vläicht nach net alles décidéiert ass.

Ech denken zum Beispill un d'Thematik vun der ekologescher Bauweis, un d'Energiefro, déi ech hei schonn öfters opgeworf hunn, mä awer och un d'Konzept vun der Gérance oder un d'Angebot, wat an deene jeeweilege Centres soll gemaach ginn un d'Leit. Dat sinn alles Punkten, wou mir am Fong just nach après coup, wann iwwerhaupt, driwwer informéiert ginn, well mir jo just hei nach e Budget débloquent. Ech denken, datt et awer wichteg wier, och fir d'Chamber, wann een och net ëmmer an all Detail ka goen, fir sech do besser ze informéieren.

En anere Volet, dee schonn ugeschnidde ginn ass, datt ass dee vun der Zäit, dass déi Konventiounen oft schonn zënter Méint oder zënter Joren ënnerschriwwen sinn, wann dee Projet de loi hei an d'Chamber kënnt.

Doriwwer eraus kann ee sech awer och d'Fro stellen, wéi sech déi eenzel Projeten, vun deene mer jo an der lescht eng ganz Rei elo erëm gestëmmt hunn, sech an en nationaalt Konzept vun engem Angebot vun Altersheimer a Pfléegestrukturen areien. Ech denken, dass och déi privat Centren, déi jo vum Stat ganz staark finanziell ënnerstëtzt ginn, en Deel vun deem globale Konzept sinn. Och do wär et interessant eben ze wëssen, ob do einfach Pilotage à vue gemaach gëtt oder ob et duerchaus ëmmer e ganz präzise Sënn ergëtt, wann ee Centre an enger gewässer Gégend e gewëssent Angebot huet oder wéi dat ofleeft.

Et schéngt mer och esou ze sinn, dass et ganz ënnerschiddlech Bedürfnisser gëtt a puncto Altersstrukturen. Ech weess net, ob mir hei zu Lëtzebuerg schonn esou wäit si wéi an anere Länner, wou vläicht méi diversifizéiert nach gëtt an deem Beräich. Mir hu wahrscheinlech materiell ganz vill unzebidden an eisen Altersheimer.

D'Fro stellt sech awer, ob dat ëmmer déi allerbeschte Léisung ass.

Ech hu mer soe gelooss, datt zum Beispill an Holland duerchaus erëm eng Kéier Angeboter gemaach gi vun Altersheimer, déi ganz sober sinn, wou ee just e Minimum vun Dängschtleeschungen an Angeboter gemaach kritt als eelere Mensch, well et eigentlech dréms geet, dass ee weiderhin déi Strukturen an déi Servicer an Usproch hält wéi een dat virdrun och scho gemaach huet.

Dat heescht, datt een am Fong en Deel vun der Gemeinschaft bleift an där een ëmmer dra war an datt een net als eelere Mensch op eemol op engem Ofstellgleis ass, wou een duerchaus vläicht da materiell versuergt ass, mä wou ee kee Kontakt méi mat deenen normale Servicer huet vun der Gemeng oder vum Stat. Dat sinn also Froen, déi ee sech och zu Lëtzebuerg, mengen ech, sollt stellen, ob een net zumindest misst méi e gefächert Angebot an deem Beräich offréieren.

En anere Punkt ass dee vun der Gréisst. Dat hat ech och schonn hei opgeworf an ech krut vun der Ministesch geäntwert, dass dat oft eng Fro vun der Rentabilitéit wär, datt mer zu Lëtzebuerg relativ grouss Strukturen hunn. Trotzdem wëllt ech déi Fro awer nach eng Kéier opwerfen, well och do hunn ech d'Gefill, datt ee vläicht misst ufänken e bëssen aner Weeër ze goen.

Am Ausland ginn do vill méi Experimenten nach gemaach, wéi dat vläicht hei zu Lëtzebuerg de Fall ass. Ech denken do zum Beispill un Alterswunngemeinschaften. Och do kéint een als Stat oder Gemengen, andeems ee Privatträger subventionéiert, vläicht méi aktiv ginn. Och dat kéinten interessant Projete sinn, wou d'Leit an hirer Gemeng, an hirer Stad weiderhi kéinten an enger vertrauter Émwelt wunne bleiwen, quitte datt dat natierlech vläicht méi deier gëtt, wéi wa mer grouss Strukturen hu mat 40 Zëmmeren oder méi.

En aneren Aspekt. Ech stelle fest, dass mer an der Lescht haapt-sächlech Projeten déposéiert kritt hunn, déi éischer am ländleche Raum situéiert sinn. Do ass d'Fro, ob een domat déi eeler Leit esou glécklech mécht. Virdrun ass gesot ginn, et wär ganz schéi fir am Gréngen ze sinn an enger idyllischer Landschaft, mä op där anerer Säit stellt d'Fro sech awer, ob een déi eeler Leit glécklech mécht, andeems een hinnen Offere mécht, déi oft ganz wäit vun den Zentren ewech sinn a wou et zumindest méi schwierig ass fir um Alldag vun deenen anere Leit deelzehuelen.

Voilà, Här President, dat war eng Rei vu méi allgemenge Feststellungen, wou ech denken, dass ee vläicht sech nach méi am Detail kéint driwwer ënnerhalen. Wéi gesot, deen heite Projet kënne mir natierlech mat stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo d'Madame Familljeminister Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng Freed fir hei an d'Chamber ze kommen, wann ee mat esou Projete kënnt, wou dat ëmmer esou an der Unanimiteit erofgeet. Et ass net bei de Projeten alleguer esou, mä generell fir den drëten an de véierten Alter ass d'Chamber ëmmer ganz generéis.

Ech géif der Madame Ferny Nicklaus villmools merci soe fir hire Rapport, selbstverständlech alle Riednerinnen a Riedner. Och géing ech mir wënschen, datt den Här Klein erëm geschwënn an der Fassung ass, a vläicht kënnt e jo och fir Rekonvaleszenz bei d'Schwëstere an d'Haus goen. Do géif hie bestëmmt gutt versuergt ginn. Et war him effektiv eng grouss Suerg,

datt dat esou séier wéi méiglech géing ugoen, an ech schléisse mech selbstverständlech deene Wënsch un, datt méiglechst séier déi aner Genehmegungen do sinn, datt dat och ka gebaut ginn.

Et geet besonnesch bei enger Partie vun deene Projeten, déi mer déi lescht Zäit hei haten, ëm Modernisatioun an ëm Extenssioun, mä virun allem emol ëm d'Modernisatioun, well mer eng ganz Partie vun Haiser hunn, déi al sinn, déi ganz dacks Zëmmeren hu mat zwee Better, wou nach keng Dusch dran ass, wou keng Toilette dran ass, a wou mer awer mengen datt et wichteg a richtig wier, datt déi eeler Leit och vun deem Confort kënnte profitéieren, dee mer haut generell iwwerall an den Haiser hunn.

Ganz dacks kascht eis den Émbau an den Ausbau méi deier, wéi wa mer nei géinge bauen, an dat wäert Der an där nächster Zäit erliwwen, wann aner Projete bis sproochräif si fir hei an d'Chamber ze kommen, datt et meeschtens méi avantagéis ass, wann ee ganz nei ka bauen.

Ech géing just wëlle soen, datt et net ëmmer esou evident ass an och net ëmmer un deene Leit läit, ob dat Gemenge sinn oder Privatträger, déi een Haus bauen, well vun der Konventioun u bis zu deem Moment wou et e Gesetz gëtt dauert et eng Zäitche, an déi Leit kënne jo eréischt nodeems se d'Konventioun hunn ufänke Plangen auszeschaffen. Oft gëtt et dann och nach op deem Terrain Schwierigkeiten, aner Contrainté sinn do, an dat féiert dann erëm derzou, datt et nach eng weider Zäit dauert, Zäit déi net am Viraus anzecalculéiere war. Dofir mengen ech, datt et net sénnvoll ass fir sech fest Datume virzehuelen, wou ee sech meeschtens net kann drun halen.

Ech sinn och frou, datt mer an deem heite Projet der Madame Wagener kënne Satisfactioun ginn, well et ass am Rapport festgehalten, datt och dem ekologesche Standpunkt Rechnung gedroe gëtt, besonnesch gouf gekuckt datt dat energiesméisseg esou gerecht an esou korrekt sollt si wéi nëmme méiglech. Op engem Site, deen esou grouss ass wéi dat hei, ass dat selbstverständlech och méi llicht ze maachen, wéi wann dat nëmmen en eenzelt Haus wier.

Zu Recht ass hei drop higewise ginn, datt mer an deene leschte Joren enorm vill Sue geplangt a verplangt hunn. Wat all déi Infrastruktur fir den drëten Alter ubelaangt, sinn nach ongeféier 1.300 Zëmmeren an der Planung. Wann een déi zu 8,5 Milliounen där aler Frange rechent, da kënnt Dir lech ausrechnen, wat eleng un Infrastruktur fir den drëten Alter zur Verfügung gestallt gëtt. Mir maachen do keen Énnerscheid, ob dat Gemenge sinn oder ob dat Privatträger sinn, déi déi Aufgab op sech huelen. Wa se sech un d'Konditiounen halen, dann ass et kloer datt se vun deene selwechten Hëllef kënne profitéieren, mat der Ausnahm wann et sech géing ëm kommerziell Organisatiounen handeln, wou mer dat net maachen.

Mir hoffen also och, datt mat deem heite Projet enger ganzer Partie vu Modernisatiounen ka Rechnung gedroe ginn. Mir wäerten an deenen nächste Wochen a Méint nach méi dacks Geleeënheet hu fir weider Projeten hei ze presentéieren, an do mengen ech wierklech datt et eng Kéier sénnvoll wier, fir ze verhënnern datt bei all neie Projet ëmmer erëm déiselwecht Froe gestallt an déiselwecht Antworte gi ginn, et gutt wier méi generell, an der Familljekommissioun oder op dëser Plaz, Opschloss driwwer ze ginn, wat mer alles an deene leschte Jore gemaach hunn.

Mir gesinn, datt et ëmmer méi Demandé gëtt, net unbedingt well d'Leit net doheem wëlle bleiwen, oder net doheem gehale ginn, mä well d'Leit ëmmer méi schwéier fleeegebedürftig ginn, well se ëmmer méi al ginn, an et dann och fir d'Familljen an d'Kanner, déi nach ëmmer d'Kanner bleiwen awer längstens keng Kanner méi sinn, déi dann dacks selwer 70 Joer al sinn a méi, an dofir net méi kënne selwer hir eeler Leit versuergen.

Ech sinn och frou datt mer an der Familljekommissioun en Datum fixéiert hu wou mer wäerten iwwert den Accueil gérontologique schwätzen, en anert wichtegt Element, a vläicht ass dat och de Kader dee sech bitt, fir méi generell iwwert déi verschidde Moossnamen, déi mer an deem Kader gemaach hunn, ze diskutéieren an ze gesinn, wat fir eng Hëllef - de Gesondheitsminister a Minister vun der Sécurité sociale ass hei - iwwert d'Fleegeversécherung bezuelt ginn, wat iwwert de Pensionspräis bezuelt gëtt, alles dat wat an deem Beräich gemaach gëtt. Ech denken datt Der iwwerrascht wäert sinn, wat dat fir Zommen ausmécht, mat deene mer probéieren deene berechtigten Erwaardungen vun eiser Bevölkerung nozekommen.

E wichtege Grupp an eiser Gesellschaft, wou mer och gesinn, datt en ëmmer méi grouss gëtt, dat sinn déi Leit déi dement sinn a wou mer musse kucken, datt mer an Zukunft dofir suergen, datt och Institutiounen do si wou si kënne dra kommen, well déi Leit awer zu engem Deel aner Besoinen hunn a wou mat anere Konzepter haut geschafft gëtt wéi dat fréier de Fall wor. Och fir déi Pensionären, déi nach soss an deenen Haiser sinn, ass et net ëmmer llicht fir 365 Deeg am Joer mat schwéier demente Leit zesummen ze sinn. Dofir muss ee kucken, datt een och fir déi Leit déi Infrastruktur mat deene Konzepter kritt, déi se brauchen.

Ech soen, Här President, der Chamber merci fir d'Unanimiteit vum Vote vun dësem Projet.

M. le Président. - D'Diskussion ass elo ofgeschlossen a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4924 a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugehall.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4924.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass unanime mat 58 Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Nico Loes), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Théo Stendebach), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Jos Scheuer), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Del-

vaux-Stehres), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jean-Pierre Koepp), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4925 iwwert de Bau vun engem Zentrum fir eeler handicapéiert Leit zu Fréiseng.

Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Mars Di Bartolomeo, d'Madame Nagel, den Här Gibéryen an d'Madame Wagener. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf.

5. 4925 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la construction d'un centre intégré pour personnes handicapées âgées à Frisange

Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4925 iwwert d'Konstruktioun vun engem Centre fir handicapéiert Persounen zu Fréiseng huet, wat d'Procédure législative ugeet, mengen ech, gutt fonctionnéiert. Dese Projet gouf de 14. Mäerz 2002 déposéiert, an de Rapport gouf schonn adoptéiert den 1. Abrëll, an haut hu mer de Vote an der Chamber. Dobäi waren zwee Avisé vum Statsrot, een eng Kéier de 26. November 2002, an deen zweeten Avis complémentaire de 25. Mäerz 2003, wat also weist, dass mer hei wierklech schnell geschafft hunn, an déi negativ Téin, déi ee beim Projet vu virdrun héieren huet, kann een hei net onbedéngt gëlle loossen.

Datselwecht zielt och fir d'Konventioun. Déi Konventioun gouf ënnerschriwwen den 11. Abrëll 2000, an den Avenant, deen am Fong geholl de Projet als solche richtig finaliséiert huet, gouf de 25. Juni 2001 gemaach, esou dass mer 22 Méint gebraucht hu bis mer e Vote kritt hunn, wat, géif ech mengen, eng schnell Prozedur wär.

Et geet jo drëm fir dat Heem fir eeler Handicapéierten, dat vun der Fondation Kräizbiere als Maître d'oeuvre gebaut gëtt um Schoumansbongert zu Fréiseng, ze finaliséieren. Mir baséieren eis hei wéi bei ville Projeten op den Artikel 80 vun der Loi modifiée vum 8. Juni 1999. Wa mer e Projet hunn dee méi wéi 7,5 Milliounen Euro kascht, muss e Gesetz gemaach ginn. Dat maache mer dann haut an hei. Mir beweegen eis hei am Kader vum Programme national fir Personnes âgées, wou jo op där enger Säit de Maintien à domicile héich gehale gëtt, op där anerer Säit gëtt och versicht duerch Renovatioun, Modernisatioun, an Neibau vun Infrastrukturen der Problematik an dësem Beräich gerecht ze ginn.

Dese Projet huet eppes Neies, wat mir bis elo nach net haten, an zwar den Aspect handicap. Et ass den éischte Centre intégré vu Personnes handicapées vieillissantes, an et ass gewosst dass ee grouse Bedarf vun Opfaangstrukture fir Handicapéierter do ass, an et ass och gewosst dass eis Gesellschaft ëmmer méi e groust Bewusstsein par rapport zum Handicap kritt. Dëst Joer hu mer d'Joer vum Han-

dicap. Et ass e weidert Element dat dozou féiert, dass ëmmer méi versicht gëtt, déi Handicapéiert besser ze integréieren.

Et ass och gewosst dass, do-uerch dass d'Liewenskonditiounen an d'Liewenserwaardung an d'Luucht ginn, déi handicapéiert Leit, och déi polyhandicapéiert, méi al ginn. A gewosst ass och dass dee psycheschen Handicap, besonnesch no 40 Joer d'Leit ganz oft méi ofhängeg ginn, an do muss da gehandelt ginn. Dofir geet et och drëm dës Strukturen esou ze konzipéieren, dass d'Capacitéité vun deem Eenzelne stimuléiert ginn an dass dee sozio-edukativen Encadrement adaptéiert ass.

Et ass gewosst, dass dës Leit ganz oft keng Familljenugehéiereg méi hunn, oder och oft Leit ëm sech hunn déi eeler sinn an déi net onbedéngt méi kennen an der Fleeg hëllefen. Dofir muss och do esou gehandelt ginn, dass dës Leit sech kennen eleng beweegen, an et ass och gewosst dass déi psychesch Handicapéiert ganz oft net méi wëllen an hirer Famill bleiwen an hei dann en Heem fannen, en Heem fir hiert Liewen. Ganz oft och kennen dës Leit net méi hire professionellen Aktivitéiten nogoen, esou dass dës Leit da musse wierklech als definitiv Struktur dës Gebailechkeeten ugesinn.

Si sinn also esou konzipéiert ginn, dass e puer Aspekter do beienee kommen. Een Aspekt ass deem dass, wéi ech et och scho gesot hunn, ganz oft fir dës Leit d'Dépendance an d'Luucht geet. Da misste se Intensivfleeg kréien, Intensivfleeg déi hei méiglech gëtt, an et brauch keen Transfert gemaach ze ginn an eng Klinik. Dat ass eppes Flottes, mä op där anerer Säit werft et Froen op, well wa mer dat soen, da bewege mer eis hei an enger Structure extra-hospitalière, an da bewege mer eis an enger Logik déi net esou einfach ass, well op där enger Säit hu mer de Familljemini-ster, deen do d'Kompetenz huet, a wann et ëm d'Santé geet de Gesondheitsminister, wann et extra-hospitalière ass. Dofir stellen ech mer och hei d'Fro, wéi dann dese Service oder dës Unitéit soll fonctionnéieren, wéi hei de Finanzement garantéiert ass. Et huet een Avantage, dass, wéi gesot, déi Leit hei à charge kënne geholl ginn. Et huet den Avantage, dass d'Leit zum Beispill kennen opgeholl ginn, déi eng Ootmungsinsuffizienz hunn. Si brauche keng Hospitalisatioun méi déi wierklech akut ass a kënnen hei da behandelt ginn. An och dat Element, dass d'Leit vum Centre Hospitalier neuro-psychiatrique vun Ettelbréck hei kennen am Kader vun der Dezentralisatioun ënnerkommen, Leit déi eng duebel Pathologie hunn, ass e weidert Element a weist weider wéi komplex dës Gebailechkeeten a wéi gutt déi musse gebaut sinn, fir alle Gegebenheete gerecht ze ginn. Ech géif mengen, dat wär réusséiert, esou dass déi 56 Pensionären, déi a siwe Gruppen opgedeelt si vun aacht Leit, sech hei wuelfille wäerten.

Mir hu véier Gruppe vu Leit, déi e psycheschen Handicap hunn. Mir hunn zwou Gruppe vu Leit, déi duebel Pathologie hunn, déi also am Kader vun der Dezentralisatioun vum CHNAP dohinner kommen, an ee Grupp vu Leit, déi Ootmungsproblemer hunn.

D'Konzeptioun vum Centre ass esou, dass déi sozial Integratioun garantéiert gëtt an dass déi Pavillonen esou aménagéiert sinn, dass d'Vie communautaire optimal gëtt. Et ass dru geduecht ginn, wat och e flott Element ass, dass och eng aktiv Participatioun vun dem Sozialliewe vun der Gemeng Fréiseng ka stattfannen. Doduerch sinn d'Raimlechkeeten, de Wantergaart an och déi polyvalent Säll esou konzipéiert ginn, datt och d'Populatioun kann dohinner kommen. Am Regierungsprojet steet, dass et muss esou gemaach ginn, dass dee Centre interessant gëtt fir d'Bevölkerung dohinner ze kom-

men, fir eng Integratioun ze garantéieren. Dat ass e wichtegt Element. Grad esou wichteg ass awer och dass d'Qualitéit vum Logement esou ass, dass éischstens d'Autonomie vun deem Eenzelne stabiliséiert gëtt, an dass all Raimlechkeeten accessibel sinn, an dass d'Begéinung tèschent deenen eenzele Leit, déi do wunnen, tèschent hire Familljen an hire Frënn, optimiséiert gëtt.

Sécherlech muss och dru geduecht ginn, an dat ass och gemaach ginn, dass individuell Kummere do sinn, Zëmmere fir d'Leit, fir dass se eng Privatsphär behalen an dësem grouse Komplex. Weider Detailler kann een am Regierungstext noliesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Konventioun ass den 11. Abrëll 2000 signéiert ginn, nodeems de Regierungsrat den 31. Mäerz datselwecht Joer eng Autorisatioun ginn hat fir 80% Participatioun, an d'ASFT-Gesetz ass hei materugezu ginn, well e Besoin do ass am regionalen an am nationale Kontext. Den Avenant ass de 25. Juni 2001 ënnerschiwwen ginn, an do ass et esou dass de Stat 100%eg participéiert, an e mécht och nach eng weider 80%eg Participatioun am Kader vum Compactage vum Terrain.

Am Projet vun der Regierung stongen 10.568.188 Euro, beim Bauindex vu 552,23. Dëse Bauindex ass eng Joresmoyenne vum Joer 2001. Dat war am Regierungstext. D'Kommissioun ass och dës Kéier, wéi elo schonn e puermol, der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire hiren Iddi gefollegt, déi och den Accord huet vun der Cour des Comptes, an och vum Budgetminister, fir keng Referenz méi ze maachen op e Moyenneindex, mä éischer de leschte Wäert ze huele vum semestrielle Bauindex. Dat erlaabt effektiv eng Harmoniséierung an dësem Secteur. Doduerch gëtt et eng besser Kontroll an e bessere Suivi vun deene grouse Projekte wat den Invest ugeet.

Dofir stinn dann an dësem Projet 10.900.794,17 mat enger Valeur vum Index vu 569,61. Dat ass déi vum Oktober d'lescht Joer, an net déi vum Abrëll, well de Projet eben haut érischt fäerdeg ginn ass am Abrëll dëst Joer.

D'Regierung hat och, wat normal ass, sech engagéiert d'Débiteurszënsen am Prefinanzement à charge ze huelen. Do huet de Statsrot gemengt, an Zukunft sollt gekuckt ginn, dass e rasonnabelen Délai kënnt tèschent deem Datum wou d'Konventioun ënnerschiwwen gëtt vum Stat a vum Maître d'ouvrage, an ier et dann hei an d'Chamber kënnt, fir dann d'Approbatioun ze kréien. An dësem Fall waren dat jo gutt 22 Méint. Dat ass e ganz gudde Zäitraum. Dat soll och an Zukunft esou sinn. Dat ass och d'Meenung vun der Kommissioun, déi d'Recommandatioune vum Statsrot unhëlt, esou dass zu deenen dräi Artikel vum Projet folgendes ze soen ass, par rapport zu deem wat de Statsrot festgehalten huet.

Wat den Intitulé ubelaangt hu mer eis un de Statsrot gehalten.

Am Artikel 1 hu mer eis och un de Statsrot gehalten, wat d'Definitioun vum Invest ugeet, an d'Modalitéite wéi de Stat finanziell intervenéiert.

Am Artikel 2 hu mer eis, wéi ech lech gesot hunn, un d'Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire gehalten. Dofir also de semestrielle Bauindex. Do steet awer och dran, dass de Prefinanzement garantéiert ass.

Am Artikel 3 ass nach dobäi komm, dass de Statsrot gemengt huet, wat och richteg ass, et soll een e Fonds budgétaire nominatif opféiere wou d'Suen hierkommen. Dat ass an dësem Fall de Fonds spécial pour le financement des infrastructures socio-familiales.

Et ass also evident, dëse Projet huet den Accord unanime fonnt an der Kommissioun, an ech sinn iw-

werzeegt, e fënnt en och an der Chamber.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif och den Accord vu menger Partei bréngen zu dësem Projet, an ech géif lech merci soe fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président. - Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll direkt Furf bekennen domat, dass ech ukënnegen, dass eis Fraktioun deen heite Projet selbstverständlich wäert stëmmen, well et e gudde Projet ass, deen noutwendeg ass, an deen en originelle Projet ass, doduerch dass et deen éischte Projet fir de Bau vun engem Heem fir kierperbehënnert eeler Leit soll sinn. D'Prioritéit läit bei de Leit déi eng kierperlech Behënnerng hunn, mä wéi de Rapporteur, deem ech merci soe fir sän excellente Rapport, ënnerstrach huet, huet de Projet eng Rei vun anere Vokatiounen, ënner anem am Beräich Dezentraliséierung vum Centre neuropsychiatrique, wou zwee Pavillone reservéiert sinn am Beräich vun deenen eelere Leit déi Problemer hu mat der Ootmung.

De Bauhär ass d'Fondatioun Kräizbi-erg, déi mat dësem Projet séchert, dass hire Konzept, en integrative Projet ass, deen eng Prise en charge continuée garantéiert. Si hunn eng global Approche an der Prise en charge vun deene behënnerte Leit, an dat ass och ganz gutt esou.

De Projet entsteet aus enger Noutwendegkeet um Terrain. Déi verschidde Strukture vun der Fondation si mat der Problematik konfrontéiert, dass wa Strukturen eng Vocation hunn, wéi zum Beispill d'Foyere fir jonk Leit am Brill, an déi Populatioun wüsst aus deem jugendlechen Alter eraus, da muss ee sécher stellen, dass déi Populatioun och adaptéiert an Empfang geholl gëtt. Deen heite Projet wäert also fir déi eeler Leit déi adaptéiert Strukture schafen a bestoend Foyeren a Strukturen entlaaschten.

De Projet gëtt, wéi gesot, zu 80 respektiv 100%, jee nodeem wat fir eng Strukturen et sinn, vum Stat mat finanzéiert. 80% bei deene Strukturen, déi sech ëm déi handicapéiert eeler Leit bekëmmern, an 100% bei deem Beräich Dezentraliséierung vum CHNP. D'Bauweis ass eng pavillonnaire, wat eng gewëssen Intimitéit garantéiert. Et ass gesot gi 56 Leit kënne maximal opgeholl ginn.

Wat elo de Projet an d'Realitéit um Terrain uginnt, esou sinn dat zwou Saachen. Mir stëmmen haut de Projet an d'Gebailechkeeten si scho ganz schéin aus dem Buedem geschoss, esou dass et ganz gutt ass dass de Statsrot preziséiert huet, dass déi Zënsen, déi ufalen, net érischt ufale wann...

(Interruption)

Neen, dass déi Zënsen net érischt ufale wann de Projet gestëmmt ass, mä vun deem Zäitpunkt u wou...

(Interruption)

Voilà, très bien, mä et ass jiddefalls sécher gestallt, dass d'Zënsen mat iwwerholl gi vun deem Zäitpunkt u wou de Stat an d'Fondatioun sech eens gi sinn iwwert de Bau vun dëser Infrastruktur.

Wann also alles riicht leeft, da wäert dëse Projet kënnen Enn des Joers an enger éischer Etapp e Pavillon opmaachen an dann am Rhythmus vu sechs Méint déi aner Pavillonen a Betrib huelen. Et ass

eng Infrastruktur, déi selbstverständlich eng Betreiuung 24 Stonnen op 24 garantéiert, wat dann och zu enger Rei vun Ulaufsproblemer féiere wäert. D'Madame Minister weess, wann eng nei Struktur hir Aarbecht ophélt, dass déi Struktur hir Aarbecht nëmmen dann ze friddestellend exécutéiere kann, wa se dat noutwendeg Personal zur Verfügung huet.

Pro Pavillon, jiddefalls bei deem éischten, ginn néng Leit Personal gebraucht fir de Betrib sécheren ze kënnen. Duerfir mäin Appel un d'Madame Familljeminister, dass mer bei der Abetribnam vun där doter Institutioun net drun hänke bleiwen, dass d'Personaldotatioun net schnell genuch nokënn. Et ass e relativ héije personellen Opwand, mä mir sinn eis jo allegueren eens hei op der Tribün, dass et eng eminent Noutwendegkeet ass, an da soll och de Betrib kënnen esou lafe wéi d'Infrastrukturen et erlaben, an net doduerch retardéiert ginn dass d'Strukture fäerdeg sinn an d'Personal net an deem Mooss géif nokomme wéi mer et brauchen.

Wéi gesot, et ass eng excellent Initiative, wou een d'Fondatioun Kräizbi-erg kann a muss dofir félicitéieren. Dat wat een allerdéngs muss ervirsträchen, dat ass dass de Käschtepunkt vun deem Ganzen nach relativ rasonnabel bleift an dass een och soll oppassen, dass engem herno bei där Liewensqualitéit, déi noutwendeg ass bei Leit, déi awer 24 Stonnen op 24 an deenen doten Infrastrukturen sinn, net op eemol d'Finanzen ausginn. Do soll een en A drop behalen. Ech kann elo net soen, ob et bis op dee leschten Dibbelchen duer geet, mä da kann ee gegebenenfalls iwwert de premier équipement nach en zousätzlechen Effort maachen.

Dat gesot, wäert d'LSAP all Kéiers dann d'Regierung ënnerstëtzen, wa se am Beräich vun der Prise en charge vun den eelere Leit weider Efforte mécht. E ganze Koup vun deene Projeten, déi elo sprochräif gi sinn, sinn der, déi d'Handschrëft nach vun der viregter Regierung gedroen hunn. Wann ech mech gutt erënneren, da sinn déi éischt Schrëtt an déi heite Richtung och nach an der leschter Period gemaach ginn an ech kann dës Regierung nëmmen encouragéieren, op dësem Gebitt grad esou vill Initiativen ze huele wéi déi Regierung virdrun der geholl huet.

Merci.

M. le Président. - Als nächst Riednerin ass d'Madame Maggy Nagel agedroen. D'Madame Nagel huet d'Wuert.

Mme Maggy Nagel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen heite Projet, grad ewéi deen iwwert dee mer virdrun ofgestëmmt hunn, reit sech éischten an d'Politik vun der Ennerstëtzung vun onsen eelere Matbirger an an zweetens beweegt dëse Projet sech am Kontext vun der Behënnertepolitik. Eise behënnerte Matbirger mussen mir d'Recht op Betreiuungsinfrastrukture kënne garantéieren, déi hirem Handicap esou gutt wéi méiglech ugepasst sinn.

De Centre intégré pour personnes handicapées âgées zu Fréiseng ass e wichtege Pilotprojet, well en den éischten ass, dee spezifesch op d'Besoin vu Matbirger ageet, déi bis elo an Altersheemer gelieft hunn, am Spidol, a Betreiuungsinfrastrukture fir Behënnerteder oder doheem an hire Familljen, ouni dass eng Méiglechkeet fir si bestanen huet d'Betreiuung an där Form an an där Ausdauer ze kréie wéi si se néideg hunn.

Den CIPA zu Fréiseng versteet sech éischten als en Altersheim fir Behënnerteder iwwer 40 Joer. Si hunn oft keng Famillje méi oder awer Familljen a fortgeschrittenem Alter, sinn et dach meeschtens hir Eltere mat deene si bis elo zesummegeleift hunn. Dëse Projet gëtt dem Behënnerten éischten d'Méig-

lechkeet fir sech un d'autonoomt Liewen unzepassen, an engem Kader wou hien ënnert Leit ass, déi ähnlech Problemer hu wéi hien. De Projet ass awer och do fir déi eeler Elteren ze entlaaschten. Ech mengen et läit op der Hand, datt souwuel de Behënnerte wéi och seng Famill duerch den CIPA vu Fréiseng kennen hir Liewensqualitéit erhéijen.

Zweetens riicht sech den CIPA u Behënnerteder mat Insuffisance respiratoire, fir déi et bis elo nach keng spezialiséiert Betreiuungsstruktur ausserhalb vum Spidolswiese gouf. Fir dës behënnert Matbirger ass et sécherlech vu grousem Notzen, wa si an eng Liewensgemeinschaft kënnen opgeholl ginn, wou hir Onofhängegkeet garantéiert ka ginn, si awer gläichzäitig déi Hëllef kënne kréien, déi se benéidegen.

Enfin gëtt duerch dëse Projet eng Betreiuungsinfrastruktur geschafen, wou deene spezifesch Besoine vun deene Leit Rechnung gedroe ka ginn, déi eng double pathologie, dat heescht souwuel e psychesche wéi och e physeschen Handicap hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den CIPA vu Fréiseng ass eng spezialiséiert Betreiuungsinfrastruktur fir behënnert Matbirger mat zum Deel gravé Problemer. Et ass kee Synonyme fir eng geschlossenen Anstalt. Au contraire. De Baumeeschter, d'Fondation Kräizbi-erg, där ech och op dëser Plaz wëll merci soe fir hiert onermiddlecht Engagement bei deene behënnerte Leit, mä awer och bei hire Familljen, definéiert d'sozial Integratioun vun de Behënnerten als eng vun de Finalitéite vum CIPA nieft der medezinescher a paramedezinescher Betreiuung an der Qualitéit vum Logement natierlech.

Déi grousszüeg ausgeluechten a gutt équipéiert Pavillonen de plein pied erlaben et de Pensionären déi néideg Autonomie léieren ze kënnen, fir mat deem aldeeglechen Uleies kënnen ëmzegoen oder domadder weiderzefueren. D'Privatsphär gëtt respektéiert, mä zugläich ass de Fréisenger CIPA op d'Zesummeliwesen ausgeluecht, dat net nëmmen tèschent de Behënnerten, mä och mat deene Leit vun dobaussen, déi déi Behënnert wëlle besiche kommen. Hei gëtt et beispillsweis eng Salle polyvalente, wou regelméisseg gemeinsam Aktivitéite stattfanne kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann den CIPA vu Fréiseng als en Attraktivitéitsspol net nëmme fir d'Gemeng Fréiseng, mä och fir d'Regioun fonctionnéiere soll, da muss net nëmmen d'Infrastruktur selwer, mä och dat wat ronderëm ass deem ugepasst ginn. Virun allem mussen d'Visiteuren ouni Risiko kënnen an den CIPA kommen.

Ech wollt an dësem Kontext drop hiweisen, datt et urgent ass fir d'Verkéiserssituatioun an der Gemeng Fréiseng an de Greff ze kréien an endlech déi Haaptkräizung tèschent der Mondorfer an der Lëtzebuerger Strooss duerch entweder e Rond-point oder e Passage souterrain ze entschäerfen.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Abee jo.

Mme Maggy Nagel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann am Januar d'nächst Joer d'Diere vum CIPA zu Fréiseng opginn, hu mir e Schrëtt weider gemaach a Richtung adequat Betreiuung fir eis eeler a behënnert Matbirger. Ech sinn iwwerzeegt, datt duerch de Projet net nëmmen d'Liewensqualitéit vun de Behënnerten erop geet, mä och déi vun hire Familljen. Am CIPA zu Fréiseng ginn zousätzlech Pflegebetreier geschafen an domat bewege mer ons hei an der Continuitéit vun der Regierungserklärung vun 1999.

Dat hei gi spezialiséiert Fleegebetter fir Leit a spezifesch Situatiounen. Dat bedeit och, datt anerwäerts Better fräi gi fir Leit mat

manner schwéieren Handicapen an Infrastrukturen, déi besser op déi Fäll virbereet gi wéi déi, déi de CIPA zu Fréiseng wëllt ophuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss nach dem Rapporteur merci fir seng Rapporten. D'Demokratesch Partei begréisst selbstverständlech dëse Projet de loi duerch dee mer eis d'Méiglechkeet ginn, wéi scho bei deem Projet, dee mer elo just virdu gestëmmt hunn, dass e moderne Spidolsplang, dee vum Santésministère ausgeschafft ginn ass, ka funktionéieren.

Ech bréngen d'Zoustëmmung vun eiser Partei a soen lech merci fir d'Nolauschteren.

■ Des voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

■ M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn natierlech frou, datt mer haut dëse Projet vun dem Centre intégré pour personnes handicapées âgées zu Fréiseng stëmme, well dat wierklech e flote Projet ass, deem eng Opwäertung net nëmme fir d'Infrastrukturen insgesamt am Land fir eis handicapéiert Matmënschen duerstellt, mä selbstverständlech och fir eis Uertschaft, eis Gemeng oder esouguer d'ganz Region.

Ech wëll dem Kolleeg Jean-Marie Halsdorf merci soe fir säin explizite Rapport an och de Virriedner, déi am Fong dee Projet vun alle Säite belicht hunn an en och alleguer an engem richlegen a positive Liicht duergestallt hunn, esou dass ech am Fong geholl net méi brauch op de Fonctionnement, op d'Iddi vun deem Centre intégré fir eeler handicapéiert Matmënschen anzegeen.

Et ass e Projet, deem am Fong ganz innovativ ass. Et ass fir d'éischt, dass mer hei am Land e Projet an déi dote Richtung bauen. Wann een de Site gesäit wou gebaut gëtt a gesäit wéi wäit de Projet am Abléck fortgeschritt ass, ass et sécherlech e Projet dee voll Satisfactioun deene Responsabelen a virun allem de Pensionäre vun deem Haus dierft ginn.

Et war viru fënnef, sechs Joer wéi de President vun der Fondatioun, den Här Benny Berg, eng Kéier op d'Gemeng Fréiseng komm ass mat engem Projet, fir op engem aneren Terrain zu Fréiseng en ähnlecht Gebai awer mat enger anerer Vocatioun ze realiséieren. Do hu mir awer misse feststellen, datt deem Terrain sech net géif eegne fir dee Projet, deem deemools virgesi war.

D'Fro war dunn, ob mer keen aneren Terrain an der Gemeng hätten. A well een nu mol als Buergermeeschter d'Terrainen e bëssen doruechter kennt an et wousst een, datt e gréisseren Terrain nach am Perimeter wär, mä wou et awer schwéier wär fir eppes drop ze realiséieren, hu mer dunn der Fondatioun Kräizbiere proposéiert, fir deem Terrain ze huelen.

Et ass en Terrain, deem am Volleksmond de Schumannsbongert genannt gëtt. Et ass en Terrain, deem der stater Gemeng gehéiert an et war d'Fondatioun Boch-Buschmann, déi deem Terrain sengerzäit der stater Gemeng - dat war nach déi al Gemeng Eech - geschenkt hat mat dem Zil, datt aus dem Erleis vum Verkaf vun Uebst aus dem Bongert a mat der Pacht vum Bongert de manner bemëttelte Kanner aus der aler Gemeng Eech all Joers e Puer Schong an e Schierlech géif kaaf ginn. Et ass also e Bongert, dee vun Ufank un eng sozial Vocatioun hat, a vu datt et awer eng Fondatioun war, war et och fir d'Gemeng Lëtzebuerg ni esou einfach fir deem Terrain ze verkafen. Dofir huet de Kräizbiere dunn eis Proposition ugeholl fir mat der Gemeng Lëtzebuerg Kontakt opzehuelen, wou se och séier eens gi sinn, datt d'Gemeng Lëtzebuerg e Bail emphytéotique mam Kräiz-

biere géing maachen, fir datt si deem Terrain kënnte benotzen.

Mir hunn als Gemeng eise PAG och deemtspriechend emgéinert, fir datt dee Projet esou kënnt realiséiert ginn. Am Ufank war an eise PAG virgesinn, datt nëmme Maisons unifamiliales kënnten do gebaut ginn. D'Gemeng huet dunn eng Extensioun gemaach an huet derfir gestëmmt, datt dëse Projet kënnt do operéiert ginn. Mir hunn och versicht kuerzfristeg déi néideg Infrastrukturen, wéi Kanalisatioun, Waasser, Elektresch an de Gas op de Site ze leeën, fir datt terminméisseg kënnt mam Bau ugefaange ginn.

Wann elo d'Saarstrooss opgeet, an et ass jo geplangt, datt déi virun der Sommervakanz opgeet, da gëtt selbstverständlech d'Vekéierssituatioun, déi am Abléck dramatesch bei eis an der Uertschaft ass, besser. Déi derduerch fuere wësen datt se all owes mussen zwee, dräi Kilometer Stau iwwer sech ergoe loossen. D'Situatioun gëtt virun allem besser an der Hellengerstrooss, do wou dëse Projet läit.

Der Madame Nagel, déi hei eng ganz gutt Interventioun gemaach huet, géif ech awer ganz frëndschaflech recommandéieren, éischter no de Vékéiersproblemer zu Mondorf ze kucke wéi zu Fréiseng. Well weder e Rond-point nach eng Unterföhrung sinn d'Léisung an engem Duerf. Bei enger Unterföhrung muss een och Op- an Offahrten hunn, an dann hätte mer herno en Autobunnkräiz an der Mëtt vum Duerf a mir hätte keen Duerf méi. An och d'Iddi mam Rond-point an engem Duerf, wou esou vill Vékéier ass, Madame Nagel, a wou eng Schoul derbäi ass, wou all Dag 200 Kanner mussen zu Fouss eriwergoen, datt ass onméiglech. Dir wësst, datt op engem Rond-point keng rout Luuchte fir Foussgänger kënne gemaach ginn. Dat ass alles studéiert ginn. Et ass also net méiglech an engem Duerf, wou vill Foussgänger sinn a vill Vékéier ass, e Rond-point ze maachen. Dofir hoffe mer, datt duerch de Bau an duerch d'Opgoe vun der Saarstrooss d'Vekéierssituatioun zu Fréiseng verbessert gëtt.

(Interruption)

Dat ass richtig, Madame Nagel, mä loosse mer elo net vum Thema oflenken. Ech muss awer hei kloer stellen, well dat esou an de Raum gestallt ginn ass, datt dat keng Léisung ass.

Här President, zréck zum Projet. An dat Gebai komme 56 Pensionären, Pensionäre mat engem schwéieren Handicap, déi siwen Deeg op siwen a 24 Stonnen op 24 mussen betreit ginn. Och si vill Raimlechkeete virgesinn, wat normal ass an dësem Fall, an et gëtt geschat datt do ëm déi 75 Leit u Personal dierfte schaffen, wann d'Gebai komplett funktionsfäeg ass. D'Fondatioun Kräizbiere ass amgaang Leit ze rekrutéieren fir wann ausgaangs des Joers deem éischte Pavillon dierft opgoen.

Fir eis ass et wichtig gewiescht, an ech mengen och fir déi Responsabel vum Kräizbiere, datt dat doten e Site gëtt, dee mat de Leit a mat de Veräiner aus dem Duerf an aus der Gemeng zesumme funktionéiert. Mir hunn och versicht direkt vun Ufank un déi Zesummenaarbecht an d'Realitéit ëmsetzen. Esouwuel bei der Straussfeier wéi beim Grondsteen waren d'Veräiner alleguer present. Wat wichtig ass, ass datt d'Veräiner sech och bereet erkläert hunn, spéiderhin an deem Centre Aktivitéiten ze maachen, fir datt déi Leit sech wierklech als Matbiereger an eiser Gemeng fillen.

Ech war speziell frou, wéi mer esou e Centre an eis Gemeng kritt hunn, well mer an enger gewësser Hilsicht e bëssen eng Ausnahmesituatioun als Gemeng hunn, an zwar an deenen 28 Joer, wou ech Gemengepolitik maachen, huet d'Gemeng nach ni Gelder vum Gemengebudget an de Budget vum

Office social missen iwwerweisen. Den Office social vun der Gemeng Fréiseng, dee gëtt finanziéiert mat de Fräinuechte vun de Leit déi an der Gemeng Hochzäite feieren a Baler ofhalen, an de Büro vum Office social geet souguer nach eemol d'Joer domat iessen. An anere Wieder, den Office social huet keng Dépensé bei eis an der Gemeng. Dat ass awer drop zréckzefeieren, datt mer eng Populatioun hunn, déi sech verduebelt huet. Et si lauter nei Lotissementer, a Leit, déi a Lotissementer ginn an do Terrain kafen an Haiser bauen, dat sinn normalerweis keng déi den Dag drop op d'Gemeng an de Büro vum Office social kommen.

Duerch d'Realisatioun vun dësem Centre intégré gëtt am Fong eis Gesellschaft zu Fréiseng méi komplett. Mir waren och wierklech frou, datt d'Leit an der Gemeng alleguer gesot hunn, si wiere frou datt esou e Centre intégré fir handicapéiert Matmënschen an eis Gemeng kéim a si stongen der Saach och alleguer positiv vis-à-vis. Mir sinn dovun iwwerzeegt, datt mer zesumme mat der Fondatioun Kräizbiere dat kënne realiséieren, wat als Zil sech gesat ginn ass, an et ass och dofir selbstverständlech, datt ech d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dësem wichtege Projet bréngen.

■ M. le Président.- D'Wuert huet elo nach gefrot den Här Berichterstatter, deem eis eng wichteg Matdeelung ze maachen huet. Den Här Jean-Marie Halsdorf huet d'Wuert.

■ M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur.- Här President, ech wollt a mengem mëndleche Rapport nach, Här Bartolomeo, ech wollt nach eppes Wichtige soen, an ech mengen, et wär flott wann Der géift nolauschteren, well et ass wierklech wichtig.

Am Artikel 2 vum Projet de loi, dee mir elo gläich stëmme wäerten, gëtt eng Referenz gemaach op den 1. Abrëll 2002. Et ass eng Erreur matérielle, well déi Valeur vum Indice 569,61, déi do steet, ass déi vum Oktober 2002. Dofir wollt ech de wäerte Kolleginnen a Kollege matdeelen, dass mer mussen an d'Gesetz am Artikel 2 schreiben: „au premier octobre 2002“. Dat sollt een nach a mengem mëndleche Rapport bäifügen, an ech mengen, da kënnte mer dëse Projet de loi och evaküieren.

Merci, Här President.

■ M. le Président.- D'Wuert huet dann elo d'Madame Renée Wagener.

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt och bei deem heite Projet soen, datt mer prinzipiell kënne mat an déi Richtung goen. Allerdéngs wollt ech och hei e puer kritesch Téin umellen. Nodeems dass hei global duerch d'Bänke gekuckt éischter déi grouss Zoustëmmeg erfollegt ass, wëllt ech awer drop opmierksam maachen, dass mer hei an eng ganz bestëmmte Richtung, net nëmme vun der Alterspolitik, mä och vun der Behënnertepolitik ginn, an ech explizéiere mech.

Mir schafen hei en Altersheim fir handicapéiert Leit, an dat heescht dass mer am Fong eng spezial Struktur nëmme fir déi Leit mat deene spezifische Bedürfnisser schafen. Mir hätten och kënnte vläicht op en anere Wee goen, zum Beispill drun denken, op een net kënnt méi dezentral virgoen an esou Strukturen a méi engem klengen Mooss an aner Altersheimer integrieren. Dat ass hei net geschitt, an ech wëllt trotzdem d'Fro stellen, ob mer wierklech an déi richteg Richtung ginn. Ech wollt och an deem Sënn d'Madame Ministesch

froen, ob eigentlech dee Conseil supérieur des personnes handicapées, dee mer jo zu Lëtzebuerg zënter enger Zäit hunn, säin Avis zu dësem Projet ofginn huet, a wa jo, wéi hie sech zu där Problematik stellt, well ech mer awer ganz staark d'Fro stellen, ob een hei reell kann, esou wéi et am Text vum Projet steet, vun Intégratioun sociale schwätzen.

Et ass sécher dass Wäert drop geluecht gëtt, dass deem Zentrum hei op ass an dass Aktivitéiten och vu Leit, déi an der Gemeng wunnen, wäerten op där Plaz stattfannen, esou wéi den Här Gibéryen dat och elo virdrun nach eng Kéier widderholl huet, mä trotzdem bleift awer, dass dat hei eng Sonderstruktur ass, an ech wëllt do en Zitat bréngen vum saarländesche Statssekretär Joseph Hecken, dee bei enger iwwregens ganz interessanter Konferenz, déi am Mäerz stattfonnt huet, ënnert dem Titel „Chancengleichheit statt Wohltätigkeit“, folgendes gesot huet: „Sonderlösungen für behinderte Menschen, seien sie auch noch so hilfreich, sind nicht mehr der Königsweg.“ An ech mengen dass mer eis zu Lëtzebuerg déi Fro och solle stellen.

Et ass elo gesot ginn, dat ass deem éischte Projet, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn, deem an esou eng Richtung geet. Vlächtt sollt mer dee Projet kritesch begleeden an och eng Evaluatioun maachen, ob dat déi gutt Richtung ass, déi mer do aschloen, zumools wann een am Exposé des motifs vum Projet liest, dass d'Fondatioun Kräizbiere jo awer eng ganz Rei aner Projekte mécht, déi éischter a Richtung vu méi klengen Strukturen oder vun Integratioun vu Strukturen a Quartieren och ginn.

Et ass nëmme een Aspekt vun enger Behënnertepolitik, iwwert déi mer jo dëst Joer, och am Joer vun de Behënnerten, wëllen diskutéieren. An ech wëllt drop opmierksam maachen, dass mä Kolleeg Camille Gira och hei eng Interpellatioun ugefrot huet, fir méi global iwwert d'Thematik vun der Behënnertepolitik zu Lëtzebuerg heibannen an dëse Maueren ze diskutéieren.

Ech soen lech merci.

■ M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Familljeminister Marie-Josée Jacobs.

■ Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „der Erfolg hat viele Väter, der Misserfolg hat meistens nur einen Vater oder eine Mutter“. Haut de Mëtteg hu mir keen hei héieren, deem net e Verdéngscht an deem Projet huet. Dat ass jo schéin, dann ass et jo eppes wat generell gutt ukomm ass. Déi eenzeg e bësse méi kritesch Froen, déi d'Madame Wagener gestallt huet, ass fir ze soen, ob et dee richteg Wee ass, fir eeler, behënnert Menschen an esou engem Haus beieneen ze setzen. Dat ass effektiv eng Fro, déi ee sech ka stellen. Ech weess och, datt eng Partie vun deene Leit, déi sollen an dat Haus do kommen, net schrecklech frou doriwwer sinn, well se net gären do erausgi wou se elo sinn.

Dat ass wahrscheinlech och zu engem Deel well, esou wéi all eeler Leit, déi an eng Institutioun mussen goen, et awer schwéier fällt fir vun doheem fortzegoen op där enger Säit, an op där anerer Säit se do och nach zesumme si mat méi Jugendlechen, och si wou nach aner Aktivitéiten an deem Haus sinn, wou se sech da wahrscheinlech soen, mä dat ass fir eis awer méi flott wa ronderëm nach méi lass ass wéi dat an engem Centre intégré onbedéngt muss de Fall sinn. Dofir ass meng Hoffnung ëmsou méi grouss, dass d'Gemeng Fréiseng mat hiren aktive Veräiner sech dann och net nëmme fir d'Grondsteeleungen a fir d'Straussfeier an och nach fir d'Eröffnung wäert afannen, mä och nach dacks duerno wäert do sinn, fir dann och wierklech dofir ze

suergen, dass méi an deem Haus do lass ass.

Et ass fir de Rescht iwwert dee Projet alles gesot ginn, y compris nach d'Stroossebaupolitik an zwou Gemengen. Do, mengen ech, ass et net méi néideg, dass ech nach dorobber aginn.

Et ass an där Envergure dat éischt Haus, wat mir baue fir eeler, behënnert Leit, mä dat heescht awer net datt et op anere Plazen net ewell esou Haiser gëtt. Schwierig ass et ëmmer wann ee méi kleng Unitéite mécht, datt een eng ganz Partie vu Basisvoraussetzunge brauch, déi awer vill Sue kaschten, a wann een do dann nëmme fir 20 Leit dat mécht, da gëtt dat natierlech en enorme Präis, esougutt vun engem Deel vum Personal wéi och wat d'Grondinfrastrukturen, wat Kiche sinn oder wat och ëmmer déi Elementer duerstellen.

Mir kucke matzäiten, datt mer dat Personal kënne kréien a kënne bezuelen, wann dat Haus do opgeet, a wéi dat och ka funktionéieren. Dem Här Rapporteur, deem esougutt wéi och der Madame Nicklaus op de Bauindex zurecht opmierksam gemaach huet, wëll ech nach eng Kéier hei soen, datt mer ëmmer nëmme dee kënne asetzen, dee Moment wou mer an der Chamberskommissioun doriwwer schwätzen, mä awer dat maache mat dem Accord vum Conseil d'Etat, dee jo ëmmer erëm seet, Dir musst kucken datt Der dee rezente Bauindex hut, deem awer meeschtens dann eréischt Méint duerno disponibel ass.

Mir stelle fest, datt mer hei zu Lëtzebuerg, esou wéi an alle Länner, och ëmmer méi Leit kréien, déi e schwéieren Handicap hunn, an och do huet de Rapporteur, den Här Halsdorf, d'Fro gestallt, wéi wäit iwwerschnéit dat eent sech mat deem aneren, an och mat deem medezineschen Aspekt, an do hunn ech mer soe gelooss, datt dat net am Plan hospitalier virgesinn ass, wat déi ganz Infrastrukturen, och mat där Sauerstoffanlag do ass, mä dass d'Fondatioun awer géing kucke fir déi Méiglechkeeten elo ze schafen, doduerch dass an de Gainen dat awer kann duerno nogezu ginn, ouni datt dat e grouse finanziellen Opwand ass an déi Apparate fir déi Leit souwisou iwwert d'Krankekeess zur Verfügung gestallt ginn.

Mir hunn an dësem Moment zum Beispill an dem Tricentenaire zéng schwéiere handicapéiert Leit, déi net méi wëssen an eigentlech an engem Coma dépassé sinn, wann ee wëllt. Da kënnt Der lech virstellen, datt dat och fir Haiser eng ganz schwéier Erausforderung ass op där enger Säit, mä op där anerer Säit mer och ëmmer erëm mussen kucken, datt déi akut Strukturen, wéi zum Beispill de Centre de réhabilitation et de réadaptation, aner Méiglechkeete kréie fir aner Leit eranzehuelen. Dat setzt viraus datt mer Plaze fannen, wou mir déi do Leit kënne eranhuelen, a mer, wéi gesot, ëmmer méi feststellen, datt och hei zu Lëtzebuerg d'Zuel vun deene Leit, déi mat Polyhandicapen, entweder well se esou op d'Welt kommen, an och ëmmer do nei Saachen dobäi kommen, datt och fir déi eenzel Associatiounen, déi sech dorëmmer këmmen, alles méi schwierig gëtt, a mer mussen kucke bei enger Populatioun vu 450.000 Leit, datt et bal all eenzelnen Handicap gëtt, mä mer awer net onbedéngt all Méiglechkeeten hunn, fir op all eenzel Situatioun ze äntwerten, mer eis trotzdem ganz vill Méi maachen, a wann déi Interpellatioun vum Här Gira eng Kéier hei an d'Chamber kënnt, da wäerte mer jo do kënne beweisen, datt mer enorm Efforten an deene leschte Jore gemaach hu wat d'Infrastruktur ubelaangt fir déi behënnert Leit, mä awer och wat d'Personal ubelaangt, wat all Formatiounen a Qualifikatiounen ugeet, déi domadder verbonne sinn.

Wéi gesot, ech hoffen datt mer mat deem heite Projet ee Steen an

deem ganze Puzzle dozou bäigedroen hunn, fir och erëm aneren an neie Leit d'Méiglechkeet ze ginn an déi Haiser, déi elo bestinn, opgeholl ze ginn, an datt all déi, déi elo vläicht nach e bësse méi zweifele fir dohinner ze goen, entweder Zäit gelooss kréie fir sech dodrunner ze gewinnen a vläicht emol dohinner kucken ze goen an duerno iwwerzeegt sinn, dass et awer dat Richtegt ass an datt se sech awer gutt fillen, well et wier Schued wa mer esou vill Sue géingen investéieren an d'Leit wieren awer net frou do.

Ech soe jiddefalls der Chamber villmools merci fir dee positive Vote vun dësem Projet.

■ **M. le Président.**- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4925 a mir stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also elo of iwwert de virleiende Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalet sech.

De Projet de loi 4925 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Nico Loes), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Lydia Mutsch), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass d'Diskussioun iwwert de Projet de loi 5049, eng Konventioun tëschtent Lëtzebuerg an der Slowa-

kei iwwert d'sozial Sécherheet. Et ass schonn agedroen den Här Alex Bodry, soss nach keen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Niki Bettendorf.

6. 5049 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République slovaque sur la sécurité sociale, signée à Bratislava, le 23 mai 2002

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

■ **M. Niki Bettendorf (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dëse Gesetzesprojet ass eng weider international Konventioun a puncto Sécurité sociale. Si gouf an der Slowakei zu Bratislava, den 23. Mee 2002 ënnerschriwwen.

Ech ka mech kuerz faassen, well dës Konventioun ass zimlech identesch mat de leschte bilaterale Konventiounen, déi Lëtzebuerg an de leschte Joren ofgeschloss huet. Si berout op de Prinzipie vun der internationaler Koordination a puncto sozialer Ofsécherung, Prinzipien déi do heeschen: Gläichheet am Verdéngscht, integral Exportatioun vun de Prestatiounen an Totalisatioun vun de Versécherungszäiten.

Dës Konventioun geet ganz wäit. Si betrëfft Gesetzer aus den zwee Länner, wéi Assurance maladie, Assurance maternité, Assurance accident du travail, Maladie professionnelle, Alterspensioun, Invalidépensioun, Iwwerliewensrent, Chômageprestatiounen an och d'Prestations familiales.

(Coups de cloche de la Présidence)

Wat net abegraff ass, dat ass d'Gesetzgebung déi d'Assistance sociale ubelaangt an och d'Prestatiounen fir Krichsaffer. Am Gesetz gëtt keng Distinction gemaach a puncto Nationalitéit. Jiddereen ass dovun beträff, deen an deem engem oder an deem anere Land gesetzlech ofgeséichert war, och Familljememberen an hir Iwwerliewend. Genau wéi all déi lescht Konventiounen gi mer hei méi wäit wéi de Règlement communautaire 1408/71, wou d'Nationalitéit ze hu vun engem vun deene Länner aus der Europäescher Unïoun ausschlaggebend ass fir d'A-Kraaft-Triede vum Règlement communautaire.

De Conseil d'Etat huet säin Avis den 28. Januar dëst Joer ofginn, e positiven Avis mat zwou Remarken. Éischt Remarque: Hie geet op d'Totalisatioun vun den Assurancéperioden an, déi zesumme geschloe ginn, a seet dat fir eng zimlech rezent oder nei Approche. Dat ass richtig, mä si ass identesch mat de Konventiounen, déi mer an der Lescht ofgeschloss hu mat Kroatien, mat Island an och mat Slowenien.

Eng zweet Remarque vum Conseil d'Etat ass déi: Hie weist op d'Solutioun hin, déi en faveur vun de Réfugiés politiques getraff gouf. Hei ginn déi assuréiert Zäiten aus de Pays d'origine gezielt virun der Acquisitioun vun der Lëtzeburger Nationalitéit, also am Régime vun

Réfugié politique, wann dës Zäiten net schonns eng kéier ënnert engem aneren internationalen oder auslännesche Recht gezielt goufen. D'Kommissioun weist drop hin, dass mer dës Regelung och schonns gebraucht hunn am Kader vu Konventiounen, zum Beispill mam Chile oder och zum Schluss nach eng kéier mat der tschechescher Republik.

Eis Chamberskommissioun huet de schrëftleche Rapport eestëmmeg ugeholl. Fir keng Zäit ze verléiere kann ech lech och den Accord vun eiser Fraktioun, der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, hei vermellen.

Ech soen lech merci fir d'No-lauschteren.

■ **M. le Président.**- Freet nach een d'Wuert?

(Interruption)

Ass nach een do, deen d'Wuert freet? Den Här Alex Bodry freet d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, ech ka mech ganz kuerz faasse bei deem heite Rapport. Ech mengen dat hei ass jo keen Neiland, wat mer hei beschreiden, an duefir géif ech dann och am Numm vu menger Fraktioun den Accord zu deem Projet de loi hei abréngen.

■ **M. le Président.**- Den Här Gibéryen freet d'Wuert.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Ech wëll dem Rapporteur merci soe fir säi gudde Rapport an et ass och selbstverständlech, dass ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

■ **M. le Président.**- Den Här Huss freet d'Wuert.

■ **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Här President, ech wëll och dem Rapporteur merci soe fir deen ausféierleche Rapport, an et ass kloer datt mer dat dote stëmme kënnen.

■ **M. le Président.**- Den Här Lucien Weiler freet d'Wuert.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).**- Här President, ech kommen net derlaanscht fir mech de Konklussioun vum Här Gibéryen unzeschleissen.

(Hilarité)

■ **M. le Président.**- Da gi mer d'Wuert un den Här Minister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Här President, et ass scho betount ginn, dass déi heite Konventioun och an der Lignée ass vun de Conventions bilatérales am Kader vun der Coordination internationale vun der Sécurité sociale, déi mer geschloss hu mat Länner wéi Kroatien, Island oder Slowenien. Ech wëllt am Viraus alleguerten deenen, déi dëse Projet stëmmen, villmools merci soen.

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun Article unique vum Projet de loi 5049 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert de virleiende Gesetzprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalet sech.

Sommaire des séances publiques

Débat sur la politique étrangère pages 558-567

5024 - Projet de loi modifiant

1) la loi du 19 avril 1996 autorisant le Gouvernement à participer comme membre fondateur, à accorder une aide financière annuelle à la "Fondation Henri Pensis" et modifiant la loi du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

2) la loi du 9 janvier 1998 portant transposition de la directive 93/7/CEE du 15 mars 1993 relative à la restitution des biens culturels ayant quitté illicitement le territoire d'un Etat membre de l'Union européenne et transposition de la directive 2001/38/CE du 5 juin 2001 modifiant la directive prémentionnée

3) la loi du 24 juillet 2001 portant création d'un établissement public nommé "Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster" pages 567-570

4949 - Projet de loi relative à la restauration et à la mise en valeur de certaines parties de la forteresse de Luxembourg pages 570-574

4857 - Projet de loi portant règlement des comptes généraux de l'exercice 1999 pages 574-577

Ordre du jour page 577

4966A - Projet de loi portant approbation

1. du Protocole additionnel à la Convention européenne sur le transfèrement des personnes condamnées du 18 décembre 1997;

2. de l'Accord relatif à l'application, entre les Etats membres des Communautés européennes, de la Convention du Conseil de l'Europe sur le transfèrement des personnes condamnées du 25 mai 1987 et

4966B - Projet de loi sur le transfèrement des personnes pages 577-579

Interpellation de M. Lucien Weiler sur les crues et inondations pages 579-589

4975 - Projet de loi portant approbation du Protocole facultatif à la Convention relative aux droits de l'enfant, concernant l'implication d'enfants dans les conflits armés, fait à New York, le 25 mai 2000 pages 589-590

Demandes en naturalisation page 590

Communications page 591

Ordre du jour pages 591-592

Heure de questions au Gouvernement:

- Question N° 283 du 29 avril 2003 de Madame la Députée Nelly Stein au sujet des seuils d'intervention en matière de contamination de dioxines et autres substances nocives, adressée au Ministre de la Santé page 592

- Question N° 284 du 28 avril 2003 de Monsieur le Député Georges Wohlfart au sujet de la peste aviaire et des mesures de prévention visant à éviter la contamination à l'homme, adressée au Ministre de la Santé page 592

- Question N° 285 du 29 avril 2003 de Monsieur le Député Robert Garcia au sujet des travaux en cours au ministère de l'éducation nationale en vue de conférer un statut plus stable à certaines catégories de chargés d'éducation de l'enseignement postprimaire, adressée au Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports pages 592-593

- Question N° 294 du 28 avril 2003 de Monsieur le Député Jean Colombero au sujet des mesures préventives prises afin d'éviter la survenance et la propagation de l'épidémie du SARS au Grand-Duché, adressée au Ministre de la Santé page 593

- Question N° 295 du 29 avril 2003 de Monsieur le Député Serge Urbany au sujet de l'indexation des salaires au coût de la vie, adressée au Ministre de l'Economie pages 593-594

4924 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la modernisation, la transformation et l'extension du Château de Heisdorf en centre intégré pour personnes âgées pages 594-595

4925 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la construction d'un centre intégré pour personnes handicapées âgées à Frisange pages 595-598

5049 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République slovaque sur la sécurité sociale, signée à Bratislava, le 23 mai 2002 page 598

De Projet de loi 5049 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), MM. Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Marco Schank (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jean Asselborn), Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM.

Jean-Pierre Klein (par M. Jos Scheuer), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtten a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.01 heures)

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzeburger Journal, Zeitung vum Lëtzeburger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Luxembourg

Concept et coordination générale:

media brain, agence en communication, Luxembourg